N°3815
Entrée le 17.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3815 vum 19. Mäerz 2026 vum Här Deputéierten Michel Lemaire.**

*Fro 1: Wéi eng Liewensdauer gouf vu Säite vum Hiersteller fir déi entspriechend Stécker versprach? Wei eng Garantie gouf am Kontrakt festgehalen a wéi wäit spillt déi am aktuelle Fall?*

An den Ausschreiwungsdokumenter war eng Garantie vun 10 Joer géint Korrosiounsbildung un den Elementer vun de Ventilatore virgesinn. Dës Garantie ass deemno am Joer 2024 ausgelaf.

*Fro 2: War eng regulär Verschläissdauer vun deene genannten Ersatzdeeler virauszegesinn an a wei engem Zäitraum hätten se bäi normaler Liewensdauer sollten nei bestallt ginn, respektiv war am Kontrakt schonn en Zäitpunkt festgehalen, vu wéini u se missten automatesch verfügbar sinn, fir den Impakt op de Verkéier bäi engem plangméissegen Austausch op e Minimum ze reduzéieren?*

Bei de concernéierten Elementer handelt et sech ëm d’Schauffelen vun de Ventilatoren, wat am Prinzip keng Verschläissdeeler sinn. Et kann een aus Erfarung dovunner ausgoen, dass déi normal Liewensdauer vun de Schauffelen, der Liewensdauer vum gesamte Ventilator entsprécht. Bei de Maintenancë vun den Tunnelle ginn d’Ventilatore gepréift an ënnerhalen, a jee no Zoustand gëtt d’Erneierung vun de Ventilatore geplangt. An de periodesche Maintenanceberichter huet, bei den normale visuellen Inspektiounen, näischt op eng Oxidatioun vun de Schauffelen higewisen. De Problem mat de Schauffelen vun de Ventilatore war deemno net virauszegesinn.

*Fro 3: Gesäit d’Madamm Minister vir, bäi der Bestellung vun den Ersatzstécker eng méi laangfristeg a streng kontraktuell Garantie wéi bis ewell ze verhandelen, fir datt séchergestallt ass, datt den Hiersteller hei net duebel vum Steierzueler profitéiert? Falls net, firwat net?*

Et ass net virgesi bei der Bestellung vun den Ersatzstécker eng méi laangfristeg Garantie wéi bis ewell ze verhandelen, well déi nei Schauffelen exklusiv fir de Gebrauch an den existente Ventilatore hiergestalt ginn an dofir déi 2 Elementer verschidden Liewensdaueren wäert hunn, an esou eng méi laanfristeg Garantie wéineg Sënn mecht.

*Fro 4: Gesäit d’Madamm Minister vir, bäi der Bestellung vun den Ersatzstécker, eng kontraktuell Garantie, bis wéini den Hiersteller an Zukunft nei Stécker muss liwweren, ze verhandelen? Falls net, firwat net?*

Schauffelen vun Tunnel-Ventilatore stelle keng Ersatzstécker duer déi een Hiersteller vu Ventilatoren op Stock huet, well se bei all Tunnel ënnerschiddlech sinn a Punkto Dimensiounen, Material, Leeschtung, asw. Well d’Ersatzstécker also mussen op Moos hiergestallt ginn, kann e Liwwerdatum vu sou Ersatzstécker net kontraktuell verkierzt ginn.

*Fro 5: D’Madamm Minister huet an der Äntwert op d’Fro Nummer 3567 och drop higewisen, datt sämtlech 52 Ventilatore vum Hiersteller an den Tunnelle Grouft a Stafelter hu missen iwwerpréift ginn. Goufen dobäi weider Probleemer festgestallt? Falls jo, wéi eng?*

D’Ventilatoren an den Tunnelle Grouft a Stafelter si vun onofhängegen Experten iwwerpréift ginn.

Dobäi huet sech erausgestallt, dass den Tunnel Stafelter net vun der Problematik betraff ass, obwuel déi 20 Ventilatoren am deem Tunnel vum selwechten Hiersteller kommen a vun der selwechter Generatioun sinn. Duerch ënnerschiddlech Ufuerderungen zu der Temperaturbestännegkeet an engem Brandfall an den 2 Tunnellen, ënnerscheet sech d'Legéierung vun de Schauffelen liicht.

Bei der Iwwerpréiwung goufe keng weider Problemer festgestallt, mee d'Problemer vun den 32 Ventilatoren am Tunnel Grouft goufe bestätegt.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes